

Finale



Ganz hannen, riets am Eck vun engem Lampertsbierger Café, do wou eng enk Trap rof bei d'Toiletten dréit, sëtzt wiertes nomëttes gemenkerhand en eeleren Häerchen. Hie sëtzt fir sech eleng do an drénkt an deenen zwou, dräi Stonnen, déi en do sëtzt, zwéin oder dräi Gin Tonic.

Datt e fir sech leng do sëtzt, kënn net vun ongeféier. De Mann, dee vun de portugiseschen, belschen, franséschen oder capverdianesche Serveusen net anescht wéi mat "Monsieur" ugeriet gëtt, ka sou gutt wéi net méi schwätzen. Sāi schife Mond verréit, datt en, wie weess wéini, e Schlag kritt hat. Wann e bonjour oder äddi seet, eppes bestellt oder bezuele wëllt, da mengt ee rauszehéieren, datt en d'Franséisch als Mammesprooch huet, mā wie kann do scho sécher sinn, wann d'Serveusē souwisou op franséisch ugesprach ginn.

Wann de Monsieur bezuelt fir ze goen, dann ass dat jonk Geschir vu Serveusen erlichtert a gespaant zugläich. Keng vun hinne brauch duerno nees opwéschen ze goen, well hien sāi Gin Tonic stänneg hallef versabbelt, an se kréien de ganzen Dësch frāi, un dee kammoud véier, fēnnef Leit ginn. Gespaant sinn d'Serveusē besonnesch, wann de Monsieur drāi Gin gedronk huet; wēi en dann op d'Been ze stoe kënn, wann en opsteet; a wēi en deen onendlech laange Wee aus dem Eck, duerch de Bistro, laanscht d'Téik bis bei d'Viischtdier a virun déi schwéier Viischtdier packt. Wann en déi dann endlech hannerun sech zougezunn huet, ootmen d'Serveusen op, well vun deem Abléck u kann hinnen de Monsieur egal sinn. Se raumen sāi Glas wech a schēdden sāin Äschenteller aus, well de Monsieur fēmmt wēi en Tierk an huet net eng Minutt keng Zigrett am schife Mondwēnk. Ëmmescht sot mol, 't wier net nēme vum Alkohol, mā och vum Tubak, datt dem Monsieur seng al Been net méi richtig opkéimen a matmēchen. An eng vun de Serveusen huet viru kuerz steif a fest behaupt, dem Monsieur sāi Stull wier fiicht gewiescht, wēi en opgestanen ass. A muer ass e rēm do.

Duerch de Stadpark, laanscht d'Kinnekswiss bis an d'Groussgaass brauch hie bal eng hallef Stonn. Bei guddem Wieder rascht en alt mol op enger Bānk a mécht eng un. Mā och wann et reent a schneit, bleibt en onendlech laang stoen an hēlt en sech onendlech vill Zāit, fir mat viller Méi Zigretten a Briquet aus der Boxentāsch rauszekropen an hannert dem héije Kolli vun der Canadienne eng Schauteng ze sichen, fir datt de Briquet net ausgeet.

Summesch iwwer souwēisou, mā och wann et kal an naass ass, zitt et hien duerch d'Groussgaass an duerno op d'Plēsedaarm, a meeschtens begéint en, no wat en onbewosst sicht. Da bleibt e stoen a steet do ze fēmmen an ze houschten an e lauschtert deene Museker a Sānger no, déi et aus Südamerika oder Russland heihinner verschléit. Laang steet en do nozelauschten an net ēmmer, mā dacks gētt en duerno engem vun de Museker e Fēnnhonorter oder souguer en Dausender. E geheit de Schāin net gār an iergend en Hutt oder eng Geiekēscht, well sou déif kritt en sech net méi gebéckt.

Wēi deen ale Westeschgaart nach stoung, war de Monsieur nach vill méi jonk, an du hat hien och nach en Numm, op d'mannst e Virumm. De Monsieur Marcel war Stammclint am ale Westeschgaart: genee wēi nach vill anerer vun senge Kollegen aus dem Radiosorchester. Hei huet een och Leit aus dem Theater begéint, a méi wēi eng Kéier huet deen ale Wiert sech mat enger d'Tournée fir d'ganz Stuff fir e spontane Concert revanchéiert. Dacks war och dem Monsieur Marcel seng Madame derbāi. D'Madame Esther war am Radiosorchester Harfistin, mā se huet och Braatsch gespilt, an déi huet de Monsieur Marcel senger Fra ēmmer gedroen, wann se zu hīer e puer no der Prouf iwwert de Glacis op de Westeschgaart lassgesteiert sinn.

Kuerz nodeem de Monsieur Marcel e Schlag kritt hat, ass d'Madame Esther him mat engem jonke Geist ugedréckt. An de Wiert aus dem ale Westeschgaart huet méi wēi

eng Kéier vun deem Optrétt verzielt, deen de Monsieur Marcel enges Owes an der Wiertschaft hat. 't war gemonkelt sin, se géifen hien aus dem Radiosorchester rausgehen, well en et net méi brēnge géif, an do muss eppes dru gewiescht sinn.

"Deen aarme Kārel huet sech deen Owend volllaffe gelooss", huet de Wiert verzielt, "an senge Saufkollegen aus dem Orchester ēmmer nees nei Tournéeën zum beschte ginn. D'Stuff war voller Leit, an op eemol ass de Marcel opgestanen, ass bis aus bei sāin Auto getierkelt an e koum mat sengem Cello nees ran. 't war fir d'éischt, datt en dee bei sech hat, e muss en deen Dag mam Auto aus der Villa Louvigny geplēnert hunn. De Marcel huet sech mat sengem Cello an d'Mētt vun der Stuff gesat, kee Wuert geschwat, e konnt jo bal net méi, an du huet en ugefaangen ze spillen. Herno hunn der gesot, 't wier d'"Réverie" vum Schumann gewiescht. Ech weess et jo net, mā sou hunn ech nach ni een héiere spillen. 't war an der Wiertschaft mucksmaisestēll, de Marcel huet sou onerhéiert schēi gespilt, an dem Marcel, deen doudvoll war, ass eng eenzeg Tréin de rietse Bak rof an den oppene Wēnk. De Marcel huet gemaach, wēi wann dat hien nāischt ugēing, huet sāin Cello nees lues agepaakt, huet en aus an den Auto gedroen an ass net méi zrēck an d'Wiertstuff komm. No enger Woch réischt koum e bezuelen."

't ass well laang hier, datt den ale Wiert aus dem ale Westeschgaart déi Geschicht verzielt huet. Ech weess et nach genee, well deeselwechten Owend huet et geheescht, de Westeschgaart géif ofgerappt. Den ale Wiert ass dout, de Westeschgaart ass nei operstane a rausgefiizt, an de Monsieur Marcel ass well laang vergiess. Hie lieft nach, mā ech mengen, hien ass mat deen eenzegen, deen dat weess.

josy braun